SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Vum 1te bis de 15te Mee feiert d'ONG Fairtrade Lëtzebuerg d'Fairtrade Wochen. Produiten, déi de Fairtrade-Sigel op der Verpackung hunn, suergen fir akzeptabel Aarbechtskonditiounen a fair Salairen op der Welt. Esou entscheet sech de Konsumment duerch säi Kaf vun engem Fairtrade-Produit, fir d'Welt ee klengt Stéck besser ze maachen, aplaz Suen um Réck vu Mënschen aus anere Länner ze spueren.

Grad de Staat an d'Gemenge sollten mam gudde Beispill virgoen a verantwortlech Produkter akafen. Fir d'Gemengen existéiert de Label "Fairtrade Gemeng", wou et virun allem drëms geet, dass d'Gemeng Werbung fir de fairen Handel mécht an offensiv un d'Bierger:innen kommunizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi eng Gemengen hei am Land si Fairtrade-Gemengen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten